

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 2314 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen huet déi deemoleg Madamm Ëmweltminister iwwert d'Auswierkunge vum Verbuet vun der Fuussejuegd op d'Biodiversitéit ënner anerem dat hei geschriwwen: "*Well allgemeng bekannt ass, dass Buedem- a Wisebréier am Oppeland virun allem duerch d'Zerstéierung, d'Veaarmung an d'Zerschneidung vun natierleche Liewensraim verschwonne sinn, eriwrege sech grouss an deier Detailanalysen an lwwerpräifungen*". D'Regierung ass also hei vu bestëmmten Hypotheesen, awer net vu wëssenschaftleche Beweiser ausgaangen. Weider huet déi deemoleg Madamm Minister op déi genannte Fro geschriwwen, datt d'Entwécklung vun der Fuussepopulatioun duerch Wëldkamerae erfaasst géif. Wéi de 27. Mee am Lëtzebuerger Wort ze liese war, ginn d'Wëldkameraen awer haaptsächlech fir d'lwwerwaachung vu Wëldkaatzen, Marder an dem Itis, awer kaum fir d'Fiiss agesat. Am Bezuch op d'Prevalenz vum Fuussebandwurm heescht et am selwechten Artikel schliisslech, datt Lëtzebuerg déi vun der WHO recommandéiert Standarden zu der Examinatioun net erfëllt.

An deem Zesammenhang géife mir der Madamm Ëmweltminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi reagiert d'Madamm Minister op déi am Artikel opgefouert Mësstänn bei der Auswärtung vum Verbuet vun der Fuussejuegd?
- 2) Gesäit d'Madamm Minister an noer Zukunft eng wëssenschaftlech Begleedung vum Verbuet vun der Fuussejuegd an eng Evaluatioun vun hirer Auswierkung op d'Biodiversitéit vir? Falls net, firwat net?
- 3) Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob a falls jo, wéi vill Ufroe vun internationale Fuerschungsinstituter säit dem Erlooss vum Verbuet zu der Fuussejuegd bei der Ëmweltverwaltung agaange sinn, fir d'Auswierkunge vun der lëtzebuergescher Decisioun wëssenschaftlech ze ënnersichen?
- 4) Wéi reagiert d'Madamm Minister op d'Kritik, datt de Fuussebandwurm zu Lëtzebuerg net no deene vun der WHO recommandéierte Standarden ënnersicht gëtt? Gesäit d'Madamm Minister eng verstärkt Kooperatioun mat eisen Nopeschlänner vir, falls eng Erweiderung vun eisen nationale Kapazitéite kuerzfristeg net méiglech wier?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten